Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Esou wéi op engem ëffentleche Flyer ze gesinn ass, trëtt den Här Bausseminister e Mëttwoch, de 26. Juni am Novotel an der Stad, op enger Walveranstaltung vun "ensemble pour la république" , der Partei vum aktuelle franséische Staatspresident op. Hei mécht den ieweschte Lëtzebuerger Diplomat Walkampf fir eng auslännesch Partei.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës dréngend Froe stellen:

1) Wéi gesäit d'Regierung d'Opportunitéit vun engem Walkampfoptrëtt vum Lëtzebuerger Bausseminister fir eng auslännesch Partei? Sollt, besonnesch a Walkampfzäiten, d'Regierung net eng gewëssen Neutralitéit weise fir mat all méiglecher, zukünfteger franséischer Regierung kënne eng vertrauensvoll Basis fir d'Verdéiwung vun eise bilaterale Relatiounen ze schafen?
2) Wéi eng Reegele gëtt sech d'Regierung allgemeng am Kontext vun Optrëtter vu Lëtzebuerger Ministeren am Kader vun engem auslännesche Walkampf?
3) Gouf et am Kader vun de nationale Walkämpf déi an de leschte Wochen a Méint an eisen Nopeschlänner stattfonnt hu weider Optrëtter vu Regierungsmemberen? Respektiv, sinn se an nächster Zäit geplangt? Wa sou Optrëtter stattfonnt hunn, goufen déi Deplacementer da vum Staat bezuelt oder vun enger politescher Partei?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten